Negri, Jos Scheuer (par M. Marc Angel), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Emile Calmes), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, an dat ass de Projet de loi iwwert d'Schafung vun enger Société de gestion de patrimoine familial. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den honorabelen Här Mosar.

5. 5637 - Projet de loi relative à la création d'une société de gestion de patrimoine familial («SPF»)

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Laurent Mosar *(CSV), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat der Diskussioun an der Ofstëmmung vum Projet de loi iwwert d'Société de gestion de patrimoine familial wäert d'Chamber haut déi zweet Etapp hannert sech bréngen an der Suite vun der Ofschafung vum Holdingsstatut vun 1929.

Déi éischt Etapp si mer am leschten Dezember gaangen, wou mer an engem Gesetz d'Iwwergangsbestëmmunge festgelucht hunn, déi definitiv den 31. Dezember 2010 auslafen, vun deem Datum un also, wou et och keen Holdingsstatut méi wäert an eisem Land ginn.

Eng drëtt a lescht Etapp wäert da sinn - an ech wäert zum Schluss nach kuerz dorobber ze schwätze kommen -, datt, nodeem mer haut en neie Vehikel fir d'Gestioun vu Privatverméigen en place setzen, mer och mussen dofir suergen, datt déi institutionell Investisseuren en ähnlecht Instrument zur Verfügung gestallt kréien, well si net kënnen op d'SPF zréckgräifen. Eréischt da wäerte mer dann och d'Buch vun der Holding '29 kënnen definitiv zoumaachen.

Ech wëll hei am Detail net méi op d'Virgeschicht agoen, déi allgemeng bekannt ass an déi op d'Décisioun vum 19. Juli vum leschte Joer vun der Kommissioun zréckgeet, déi gemengt hat, datt den Holdingsstatut 1929 eng net zoulässeg Statshëllef géif duerstellen.

Ech wëll och haut an hei net méi op déi Argumenter vun der Kommissioun agoen; dat hu mer alles schonn an der Diskussioun vum éischte Projet am leschten Dezember gemaach, esou datt ech mer dat kann erspueren a mech exklusiv wëll konzentréieren op dee Projet de loi, dee mer haut an hei diskutéieren.

(M. Henri Grethen prend la Présidence)

Virausschéckend wëll ech dann nach eng Kéier betounen, datt dësen neie Steierstatut net nëmmen als Holdingersatz geduecht ass, mä a sech vill méi eng breet gefächert Clientèle wëllt usprieche wéi déi, déi sech am Holdingsstatut erëmfënnt. Ech sinn dann och perséinlech dovun iwwerzeegt, datt mer mat der Schafung vun dësem neie Steierstatut der Banken- a Finanzplaz en zousätzlechen innovative Projet dohinner setzen, deen hoffentlech deeselwechte grousse Succès wäert kenne wéi d'Holding '29.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, den Objektiv vun dësem Projet ass, d'Flexibilitéit, déi d'Privatpersoune bei der Gestioun vun hirem Privatverméige brauchen, mat enger ugepasstener Fiskalitéit ze verbannen.

Ech wëll awer elo net am Detail op all eenzel Dispositioun vun dësem Gesetzesprojet agoen - Dir kënnt dat alles noliesen a mengem schréftleche Rapport -, mä ech wëll mech dorop limitéieren, lech nach eng Kéier déi grouss Prinzipië vun der SPF hei ze résuméieren.

Ufänke wéilt ech nach eng Kéier andeem ech betounen, datt d'SPF keng nei Gesellschaftsstruktur ass, mä a sech just e Steierstatut - esou wéi dat och bei der Holdinggesetzgebung de Fall ass. Dëst bedeit dann och, datt d'SPF kann an all Form vu Kapitalgesellschaft agekleet ginn, sief dat eng Société à responsabilité limitée, eng Société anonyme, eng Société en commandite par actions oder eng Société coopérative, déi awer ënner Form vun enger Société anonyme organiséiert ass.

Et ass dann och kloer, datt dës moralesch Persoun vun der limitéierter Haftung vun der Personne morale profitéiert an domadder och en eventuelle Recours vun Drëttpersoune limitéiert.

Wat kann dës SPF fir Aktivitéiten entwéckelen? Si kann a sech all Zorte vu Finanzaktivae kafen, besëtzen, verkafen a géréieren. Wat awer expressément ausgeschloss ass, dat ass, datt dës Gesellschaft kommerziell Aktivitéite bedreift, wat dann och mat sech bréngt, datt d'SPF net direkt kann Immobilië besëtzen an och keng rémunéréiert Prêten u Sociétéite kann accordéieren, an deene se selwer eng Participatioun hätt.

Schlussendlech kënnen d'Aktië vun enger SPF nëmme vun enger limitéierter Zuel vun Investisseure gehale ginn a kënnen also net op enger Bourse cotéiert ginn.

Wie kann elo Aktionär an esou enger SPF an Zukunft ginn? Fir d'alleréischt natierlech all d'Privatpersounen, derniewent awer och all sougenannten Entité patrimoniale, déi am Intérêt vum Privatverméige vun enger oder méi physesche Persounen agéiert. Betoune wéilt ech heizou, datt esou eng Entité patrimoniale kann en Trust, eng Stëftung oder Fondatioun sinn, awer och all aner Zorte vu moralescher Persoun Lëtzebuerger oder auslännescher Nationalitéit ënnert der Oplag, datt se keng kommerziell Aktivitéite bedreift. Schlussendlech kann awer och en Intermédiaire optriede fir déi Investisseuren, déi ech virdrun hei opgelëscht hunn.

Wéi ass elo d'Administratioun vun dëser SPF organiséiert? Hei wëll ech nach eng Kéier betounen, datt d'Gesellschaft en tant que telle net kann an engem Conseil d'administration vun enger Gesellschaft vertruede sinn, an där se selwer eng Participatioun hätt. Et ass allerdéngs net verbueden, datt den Aktionär direkt oder den Administrateur vun der SPF an esou enger Gesellschaft am Conseil d'administration siégéiert.

Wéi ass elo de genaue steierleche Statut? Dës SPF bezilt weder Akommessteier nach Gewerbesteier an ass och net der Verméigenssteier ënnerworf, ausser - an do renvoyéieren ech op dat ëmgeännert Gesetz vum 4. Dezember 1967 - wa se während engem Exercice net méi wéi 5% vun Dividenden touchéiert, déi aus Participatioune vu Gesellschafte kommen, déi kenger vergläichbarer Steier ënnerworf si wéi eiser Kollektivitéitssteier.

Wat déi indirekt Steiere betrëfft, fält d'SPF natierlech drënner; dat heescht, si bezilt souwuel den Droit d'apport wéi d'Taxe d'abonnement. Allerdéngs gëtt souwuel den Taux wéi de Berechnungsmodus vun der Taxe d'abonnement fir d'SPFen anescht fixéiert. Esou bezuele si an Zukunft en Taux vun 0,25%, allerdéngs référéiert d'Besteierungsbasis sech just op dat libéréiert Kapital, dat duerch d'Prime d'émission nach kann augmentéiert ginn. Parallell gëtt dann och e Plaffong vun 125.000 Euro fir d'Taxe d'abonnement agefouert.

Schlussendlech wëll ech nach zu dësem Punkt bemierken: D'SPF fält dann och net - ënnert d'Duebelbesteierungsofkommes, par contre awer ënnert de Secret professionnel, wéi en am Paragraph 178bis vum allgemenge Steiergesetz festgeschriwwen ass.

Wat elo d'Dividende betrëfft, déi vun enger SPF ausbezuelt ginn, esou falen déi net ënnert d'Retenue à la source. Dëst gëllt allerdéngs net fir déi Zënsen, déi vun enger SPF selwer ausbezuelt ginn, well déi ënner esou eng Retenue à la source kënne falen.

Wéi fonctionnéiert elo d'Kontroll vun der SPF? Hei sief direkt preziséiert, datt et d'Enregistrementsverwaltung ass, déi hei zoustänneg gëtt. Fir der Administratioun awer ze erméiglechen, hir Kontroll auszeüben, muss d'Gesellschaft selwer eng Rei vu Vérificationns- a Certificationsobligationen erfëllen. Dës ginn am Prinzip vum Domiciliataire vun där Gesellschaft iwwerholl. Sollt d'Gesellschaft keen esou en Domiciliataire hunn, mussen dës Verflichtunge vun engem Réviseur d'entreprises iwwerholl ginn.

Wat sinn elo d'Sanktiounen, wann déi SPF sech net un déi elo vu mir virdru beschriwwen Oplagen hält?

Dann huet den Direkter vun der Administration de l'Enregistrement d'Méiglechkeet, der SPF hire Statut ewechzehuelen, allerdéngs - an dat wëll ech hei nach eng Kéier expressément betounen - ass dat net eng Obligatioun fir deen Direkter, mä eng Fakultéit. Dat heescht, den Direkter behält hei e gewëssenen Ermiessungsspillraum, wat d'Ausschwätze vun esou enger Strof betrëfft.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domadder kommen ech och scho bal zum Schluss. Eng lescht net oninteressant Fro, déi ech awer hei nach wollt beäntwerten, ass déi: Wat fir eng Prozedur muss respektéiert ginn, wann een eng aktuell existéierend Holdinggesellschaft an eng SPF wëllt ëmwandelen?

Hei ass fir d'éischt ze betounen, datt natierlech all Bedéngunge vun der SPF mussen erfëllt ginn. Ass dat de Fall, geet et duer, datt et hei zu enger Statutenännerung kënnt, wou an éischter Linn den Objet, d'Dénominatioun vun der Gesellschaft mussen ugepasst ginn, an dëst muss natierlech duerch en Notärsakt geschéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn et virdrun a menger Aleedung gesot: Duerch d'Schafung vun der Société de gestion de patrimoine familial kritt d'Banken- a Finanzplaz en neit interessant Instrument zur Verfügung gestallt fir d'Verwaltung vu Privatverméigen. Ech si perséinlech dovun iwwerzeegt, datt dëst en effizient Instrument ass, wat de Besoinë vu ganz villen Investisseure wäert entspriechen, an ech zweifelen eigentlech dofir och net um Succès vun dësem neie Produit.

Allerdéngs kënnen déi institutionell Investisseuren, wéi ech et scho virdru gesot hunn, net op dëst Instrument zréckgräifen, an dofir géif ech och haut an hei nach eng Kéier dofir plädéieren, Här Minister, fir eventuell iwwert de Wee vun enger Adaptatioun vun eiser SOPARFI-Législatioun d'Iddi vun den Intérêts notionnels wéi awer och d'Taxatioun vun de Plus-values sur valeurs mobilières vu moralesche Persounen esou steierlech ze organiséieren, datt mir weider kompetitiv bleiwe par rapport zu eisem noen Ausland, an hei denken ech ganz besonnesch un d'Belsch an un Holland.

Ech géif dofir d'Regierung bieden, esou schnell wéi méiglech hei Neel mat Käpp ze maachen an an deenen nächste Wochen e Projet de loi ze deponéieren, deen d'Interesse vun dësen institutionellen Investisseure berücksichtegt.

An deem Kontext erlaabt mer dann och nach eng Kéier derfir ze plädéieren, Här Minister, den Droit d'apport ofzeschafen, dat ëmsou méi well jo d'Europäesch Kommissioun spéitstens bis 2010 dësen Droit d'apport wëllt EU-wäit ofgeschaaft gesinn.

Här President, no der Adoptioun vum Gesetz iwwert d'Fonds spécialisés, dat sech elo schonn als e grousse Succès erausstellt, schafe mer haut d'Grondlag, fir datt d'Finanzplaz Lëtzebuerg och an Zukunft a vläicht nach méi wéi bis elo en Zentrum vun der Verwaltung vu Privatverméige gëtt. Meng Hoffnung als Rapporteur wier op jidde Fall, datt mer haut den Ufank vun enger ähnlecher „success story" schreiwe wéi déi vun eise Virgänger, déi 1929 d'Holdinggesetzgebung op d'Schinne gesat hunn.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Mosar. Als éischte Riedner ass den Här Lucien Thiel agedroen. Här Thiel, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Lucien Thiel *(CSV).*- Merci, Här President. Fir unzefänken dem Kolleeg Laurent Mosar villmools Merci fir säi Rapport. En e bësse scho bal ze ausféierleche Rapport, well dat, wat ech lech ze soen hunn, gläicht deem, wat hien lech elo grad gesot huet, zimlech staark.

Et wosst een zwar, datt eppes am Komme wier, nodeems d'Direction générale, d'Konkurrenz vun der Bréisseler Kommissioun ufanks Februar vum leschte Joer eiser Regierung matgedeelt huet, si géif eng Prozedur no Artikel 88 vum Gemeinschaftstraité, also eng Enquête ulafe loossen.

Mä trotzdeem huet et eis kal erwëscht, wéi den 19. Juli d'lescht Joer vu Bréissel et geheescht huet, d'Europäesch Kommissioun wier trotz alle Géigenargumenter vun der Lëtzebuerger Regierung zur Konklusioun komm, datt de Steierregime vun eisen Holdinge géint d'europäescht Recht géif verstoussen. Dofir, esou housch et, däerft ab sofort keng där Holdinge méi gegrënnt ginn an déi existéierend misste bis zum Joresenn ofgeschaaft ginn.

Also eppes wat 77 Joer laang anstandslos fonctionnéiert huet, wat et an 12.600 Exemplare gëtt, gutt 20 Milliarden Euro wäert ass an dem Stat ronn 40 Milliounen Taxe d'abonnement am Joer abréngt; eppes wat nach fënnef Joer virdrun, no enger klenger Korrektur, de Seege vu Bréissel, allerdéngs vun enger anerer Direction générale, kritt hat, war op eemol eng Ausgebuert vun Illegalitéit an huet direkt missen exekutéiert ginn.

No deem Coup, dee verständlecherweis Oprou ënnert d'Clientë vun eiser Finanzplaz bruecht an duerfir eng schnell Reaktioun verlaangt huet, stoung d'Regierung virum Choix, entweder den Haarden ze markéieren an op den Europäesche Geriichtshaff ze goen, wou mir de Juristen zufolleg 50% Chance gehat hätten, fir Recht ze kréien, awer dat eréischt no zwee oder no dräi Joer, oder awer mat Bréissel ze verhandelen, fir op d'mannst en Opschub vum Délai erauszeschloen.

D'Regierung huet dee verstännege Wee gewielt, an de Minister Frieden huet doropshin déi zoustänneg Kommissärin - d'Madame Kroes - dozou bruecht, eisen Holdingen eng Gaalgefrist bis Enn 2010 ze accordéieren.

Dat gouf dann och an deem Gesetz festgehalen, dat mir am Dezember hei gestëmmt hunn, dat de Laurent Mosar elo nach grad erwähnt huet.

Domat war natierlech den eigentleche Problem nach laang net geléist. D'Clientë wollte wëssen, wéi et duerno géif weidergoen, a waren net wëlles bis 2010 ze waarden, éier se sech décidéiere géifen, fir hir Suen zu Lëtzebuerg ze loossen oder se anzwousch anescht ënnerdaach ze bréngen. Et huet also misse séier gehandelt ginn.

Dat ass, wéi mir haut gesinn, geschitt. Knapp néng Méint no der Hiobsnouvelle vu Bréissel solle mir elo e Gesetz stëmmen, dat de Problem zwar net ganz léist, awer op d'mannst e gudden Deel dovun.

Mat hirer net grad iwwerzeegender Argumentatioun, d'Holdinge wieren Entreprisen an dofir ze besteiere wéi aner Entreprisen och, well si aktiv Gestioun géife maachen, hunn déi Bréisseler Konkurrenzwiechter eiser Regierung eng Upak ginn, fir de Problem ze splécken an esou een Deel vun den Holdingen aus dem Collimateur erauszehuelen.

Et gëtt wuel Holdingen, déi ganz geheireg an d'Finanzmäert agräifen an eng ganz aktiv Gestioun vun hirem Patrimoine maachen, woumat se natierlech an d'Schosslinn vun der Bréisseler Kommissioun geroden. Dat sinn duerch d'Bänk déi ganz déck Holdingen, déi d'Avoirë vu grousse Multinationalen an anere kapitalkräftege Gesellschaften hei bei eis géréieren.

Mä déi grouss Majoritéit - et heescht ëm déi 80% - vun eisen Holdinge sinn éischter Familljenentreprisen, déi de Patrimoine vun hire Besëtzer verwalten an déi dat op eng méi konservativ, manner aggressiv Aart a Weis maachen. Vu wirtschaftlecher Aktivitéit am Sënn vun der Kommissioun kann do wuel kaum Rieds sinn. An anere Wierder: Bei dësen Holdinge konnt wuel de Virworf vun der staatlecher Bäihëllef net gräifen, deen d'Madame Kroes eisen Holdingen in globo unhänke wollt.

Do war et nëmme logesch, datt d'Regierung sech drop versteift huet, d'Familljenholdinge wiere vun dem Bréisseler Doudesuerteel net betraff a kéinte weiderhi vum avantagéise Steierregime profitéieren.

Déi Logik gouf dann och an dat Gesetz ëmgesat, dat mir haut stëmme sollen, an dat sech am Wiesentlechen op d'Definitioun vun där Zort vun Holdinge konzentréiert, déi lech elo grad vum Kolleeg Rapporteur auserneegelucht ginn ass.

Domat wier och deen Deel vun eisem Problem geléist. Bleift dann nach deen aneren, dee vun de sougenannten institutionellen Holdingen. Dee weit net nëmmen e ganze Krack méi a puncto Volume, a puncto Suen, mä en ass och dee kriddelechsten, well Bréissel grad déi Zort Holdingen um Napp huet an et hei net mat e puer Korrekture gedoe ka sinn.

Mä dat kann an däerf keng Entschëllegung sinn, fir de Problem op d'laang Bänk ze tesselen. Hei geet et ëm vill Milliounen, fir net ze soe Milliarden, an et geet ëm gewiichteg Clienten, déi esou séier wéi méiglech gär eng Äntwert drop hätten, wéi et dann elo mat hirer Holding géif hei weidergoen.

Fir hinnen déi Äntwert ze ginn, brauche mir emol d'Rad net nei ze erfannen. Mir hunn nämlech schonn an den 80er an an den 90er Joren e Vehikel geschaf, deen duerchaus amstand ass, d'Relève vun den institu-

tionellen Holdingen ze huelen. Hien heescht SOPARFI, als Ofkierzung fir Société de participations financières.

Net vun ongeféier gouf dëst Instrument gemeng deemools, wéi et agefouert ginn ass, als eng Aart Holding bis bezeechent, well a Wierklechkeet handelt et sech ëm soss näischt wéi eng Holding, awer eng Holding, déi besteiert gëtt an déi dofir dann och international akzeptéiert ass. D'Astuce besteet just dodran - vereinfacht elo ausgedréckt -, datt d'Holding der Mammefirma oder enger Duechterfirma Sue léint, déi dann, wa se inklusiv Zënsen erëmbezuelt ginn, net steierlech erfaasst ginn, also wou um Enn keng Steieren ufalen.

Een oder zwee Aménagementer bei där SOPARFI géife schonn duer, fir datt si d'Roll vun de gekäppten Holdinge voll a ganz iwwerhuele kënnt. Wann een dann nach dës getunte SOPARFI mat deem kombinéiere géif, wat de belschen Noperen agefall ass, fir hir gläichfalls vu Bréissel ofgeschaafte Centres de coordination ze ersetzen, da wäre mer scho méi wéi aus dem Schneider. Ech mengen hei déi sougenannten Intérêts notionnels, regelrecht fiktiv Zënsen, déi am Fall vun enger Eegekapitalfinanzéierung ugerechent a vun de Steieren ofgehale kënne ginn. Eis belsch Nopere jiddefalls sinn domat ganz zefridden, well si si bei der Kommissioun domat duerchkomm.

Schliesslech, souzesoen als Kiischt op der Schlagsahn, kënnt een dann och nach den Droit d'apport ofschafen, dee jo entretemps souwisou scho vu Bréissel a Fro gestallt ginn ass an deem seng Deeg gezielt sinn. Domat, wa mer déi dräi Saache géife kombinéieren, hätte mer e Maximum gemaach fir dat d'Lach ze stoppen, wat eigentlech duerch d'Holdingdécisioun oder duerch d'Antiholdingdécisioun vu Bréissel geschloe ginn ass.

Här President, ech hunn déi dräi Punkten an enger Motioun zesummegefaasst, déi ech d'Éier hunn lech elo ze iwwerreechen an déi vu Vertrieder vun deene fënnef Fraktioune gedroe gëtt.

Motion 1

La Chambre des Députés,

considérant

- qu'il y a lieu de compléter l'arsenal législatif afférent suite à l'abandon du statut spécial des sociétés de participations financières appelées «holdings 29»;

- que suite à la création des sociétés de gestion de patrimoine familial il reste à trouver une solution pour les investisseurs institutionnels;

- que les clients attendent la mise en place, dans les meilleurs délais, d'un nouveau véhicule adapté à leurs besoins;

- qu'il est envisagé, au niveau communautaire, d'abolir le droit d'apport, impôt grevant également les sociétés de participations financières;

invite le Gouvernement

- à revoir la législation existante sur les SOPARFI, véhicule susceptible de prendre la relève des holdings institutionnels après légère modification;

- à étudier l'introduction du principe des intérêts notionnels dans la législation luxembourgeoise;

- à envisager l'abolition du droit d'apport.

(s.) Lucien Thiel, François Bausch, Ben Fayot, Charles Goerens, Jacques-Yves Henckes.

M. le Président.- Merci.

M. Lucien Thiel *(CSV)*.- Merci. Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, et gëtt also kaum e Grond fir nach weider mat deem leschte Volet vun deem Triptychon ze waarden, zu deem eis déi Bréisseler mat hirem Holdingkill gezwongen hunn. Ech kéint mer virstellen, datt nach virum Enn vun dësem Joer och dëst drëtt Gesetz sprochräif wär - vläicht net esou séier wéi mäi Kolleeg Laurent Mosar. Ech si bereet der Regierung Zäit bis zum Enn vum Joer ze accordéieren.

(Interruption et hilarité)

Ah jo! Géométrie variable.

An da vläicht mat e bësse Chance kéint ech dann nach eng Kéier vun dëser Plaz aus dat soen, wat ech elo lech soen, nämlech datt d'Regierung mat dësem Gesetz genee dat Richtegt gemaach huet, an datt ech dofir ouni Weideres den Accord vun der CSV-Fraktioun dozou gi kann.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Thiel. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Meisch. Här Meisch, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Meisch *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'alleréischt dem Rapporteur, dem honorabelen Här Laurent Mosar, Merci soe fir säi schréftlechen an och mëndleche Rapport, deen am mëndleche scho ganz am Detail, am schréftlechen nach méi am Detail eis déi eenzel Dispositioune vun deem neie Statut vun der Société de gestion de patrimoine familial, ofgekierzt SPF, presentéiert huet. Et ass, wéi gesot, en neie juristesche Kader fir d'Gestioun vun engem private Verméigen ze assuréieren.

Mir wëssen, datt déi Méiglechkeet, déi bis elo bestanen huet, nämlech d'Holding '29, ëmmer ganz kritesch gekuckt ginn ass, kritesch vun anere Finanzplazen, kritesch dann och vun anere Länner, an datt mer ëmmer probéiert hunn, dee Statut vun der Holding '29 esou gutt wéi méiglech ze verteidegen.

Dat huet dann och dozou gefouert, datt mer net méi spéit wéi 2005 nach eng Modifikatioun un deem Statut virgeholl hunn, fir eis ze conforméieren op eng Rei vu Propositiounen, déi och vu Bréissel gemaach goufen, an der Hoffnung, datt mer dee Statut vun 1929, vun der Holding '29, kéinten an d'Zukunft eriwwerretten.

Nun awer, zënter dem 19 Juli 2006, also knapp ee Joer méi spéit, wësse mer, datt och dat net gelongen ass, datt d'Europäesch Kommissioun dee Statut do als Aide d'État ugesäit, a mir dofir gezwonge waren ze reagéieren.

Mäi Virriedner, de Lucien Thiel, huet d'Alternativen opgezielt, an och mir waren der Meenung, datt eigentlech dëse Wee, dee mer gaange sinn, dee richtegen ass, fir ze kucken eng Phase transitoire auszehandelen, déi mer och ausgehandelt kruten, well och aner Länner an ähnleche Situatioune scho bis 2010 do Zäit kritt hu fir eigentlech hir Législatioun unzepassen.

Mir hunn eigentlech op enger Rei vu Pistë reagéiert, fir eis konform ze setzen zu deem, wat d'Europäesch Kommissioun sech virgestallt huet: Mir hunn de Statut vun der Holding '29 ofgeschaaft. Mir hunn eng Phase transitoire, wéi gesot, bis 2010 agefouert, woubäi awer ganz kloer ass, datt mat der Akraaftsetzung vun deem Gesetz, dat mer nach am Juli hei d'joert gestëmmt hunn, keng „al" Holding - loosse mer se esou nennen - méi ka geschafe ginn, mä datt déi Phase transitoire dann och nëmme gëllt fir déi Holdingen, déi scho virdru geschafe waren.

Haut maache mer e weidere Schratt an déi dote Richtung, nämlech fir eng Alternativ ze schafe fir d'Gestioun vu privatem Verméigen. Mä nu wësse mer awer, datt dat eben net duergeet, datt bei deenen Holdingen, déi haut existéieren an déi vläicht och an Zukunft nach derbäikomm wären, der eben och ganz vill dobäi sinn, dobäi wären, déi net vun dësem Statut profitéiere kéinten. Dofir däerfen eis Ustrengungen hei net op en Enn goen.

Nun, wann ee kuckt, déi wichtegst Dispositioune vun der Société de gestion de patrimoine familial, dat sinn och gläichzäiteg déi wichtegst vun der Holding '29, nämlech deemools ass et jo schonn drëms gaange fir d'Duebelbesteierung haaptsächlech ze évitéieren. Och dat soll hei évitéiert ginn andeems eng SPF vum Impôt sur le revenu, dem Impôt commercial an och dem Impôt sur la fortune ausgeschloss ass, gläichzäiteg se dann awer och net vun deene sëllechen Duebelbesteierungsofkommessen, déi mer mëttlerweil awer mat Länner ënnerschriwwen an och ëmgesat hunn, profitéiere kann, esou wéi et jo och bei der Holding '29 war.

Do hu mer eigentlech dee Kritär och iwwerholl, dee mer agefouert hate mat der Modifikatioun vun der Holding '29, bis wéini eigentlech déi Exemptioun vun der Besteierung gëlle kann. Do gëtt gesot, wa manner wéi 5% vun den Dividenden aus Investitiounen am Ausland kommen, déi eng ähnlech Besteierung hu wéi mir.

An do wär eigentlech schonn d'Fro, ob mer déi Interpretatioun vun deenen Dispositiounen, wéi mer se mam Gesetz vun 2005 virgeholl hunn, och bäibehalen. Deemools war jo gesot ginn, wann d'Impositioun bei der Halschent läit, da wär se nach esou just ähnlech ze considéréiere wéi hei am Land, wat vläicht e bësse couragéiert war fir et esou ze gesinn. Dofir wollt ech vläicht vum Minister wëssen, ob dat och elo bei dësem neie Statut vun der SPF esou géif gehandhaabt ginn.

Wéi gesot, mat dësem Gesetz gëtt e weidert Stéck eigentlech a Kraaft gesat fir drop ze reagéieren, esou datt de Statut vun der Holding '29 mëttelfristeg wierklech guer net méi wäert zur Dispositioun stoen. Et ass nach net dee leschte Schrëtt, an och mir wäerten déi Motioun ënnerstëtzen, déi jo och vun eisem Fraktiounspresident, dem Charles Goerens, ënnerschriwwe ginn ass, fir ze kucken Alternativen ze sichen, och fir déi institutionell Investisseuren, fir do eng ähnlech Alternativ fannen ze kënnen. An dann, wann et Instrumenter sinn, déi schonn existéieren, déi esou ëmzestrukturéieren, datt se wierklech eng attraktiv Alternativ zur bishereger Holding '29 sinn. Och dofir wäerte mir also déi Motioun do stëmmen.

Den Optimismus an der CSV-Fraktioun, wat den Dépôt an och d'Stëmme vun deem eventuelle Gesetz ubelaangt, do schéngt elo eng Stee hei gemaach ze ginn, wien da méi schnell dat Gesetz do gesäit kommen. Ech menge mir sollen einfach emol de Minister froen - dee misst et wëssen -, awéiwäit d'Viraarbechte gemaach si ginn, fir un deem Gesetz do ze schaffen - dat géif d'Chamber mat Sécherheet interesséieren -, a wéini mer mat esou engem Projet de loi kënne rechnen.

Dat gesot, Dir hutt et héieren, d'DP-Fraktioun stëmmt fir dëst Gesetz, an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

M. le Président.- Merci, Här Meisch. Nächsten agedroene Riedner ass den Här Henckes.

(Interruption)

Pardon? Den Här Henckes ass agedroen. Ah bon, ech hu mech geiert, den Här Fayot. Entschëllegt!

Entschëllegt, Här Fayot.

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Dat ass näischt, Här President.

M. le Président.- Et ass een net gewinnt esou oft ze presidéieren. Et ass d'Opreegung, déi...

(Hilarité)

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Jo, dat léiert ee mat der Zäit.

M. le Président.- Oh, mir bleift där net méi vill.

(Hilarité)

M. Ben Fayot *(LSAP)*.- Et ass natierlech schwéier, d'Begeeschterung vun onsem Rapporteur fir dëst Gesetz ze surpasséieren, gradesou gutt wéi d'Begeeschterung vum Här Thiel, dem éischte Riedner vun der CSV.

Ech wëll awer hei am Numm vun der LSAP kloer a bestëmmt soen, dass mir dëst Gesetz ënnerstëtzen a matstëmmen, well mer interesséiert sinn, dass d'Finanzplaz Lëtzebuerg esou vill wéi méiglech interessant Instrumenter kritt, fir an der Konkurrenz mat anere Finanzplazen ze bestoen. Mir kennen d'wirtschaftlech Importenz vun dëser Finanzplaz, an d'LSAP ass also och d'accord fir mat op dee Wee ze goen.

Ech wollt zwou Bemierkungen no deenen ausféierleche Bemierkunge vum Rapporteur maachen, deem mer natierlech Merci soe fir säi Bericht.

Déi éischt: Mir si gewuer gi vum Minister, dass, wéi dëst Gesetz preparéiert ginn ass, Kontakt geholl gi war mat de Servicer vun der europäescher Kommissioun, fir ze gesinn, ob déi Orientatioun déi richteg wär. Et wär interessant ze wëssen, ob dann elo vun der Kommissioun, wéi dat Gesetz da fäerdeg war, Zeeche komm sinn - ech weess, dass ee keen Accord formel do kritt -, dass dëst Gesetz esou an der Rei ass.

Déi zweet Bemierkung: Mir sinn an enger Konkurrenzsituatioun mat anere Plazen, och an der direkter Ëmgéigend, ob dat Bréissel oder Amsterdam ass, a selbstverständlech ginn do och ëmmer erëm Instrumenter gesicht, fir Privatfortunen unzezéien.

Duerfir wollt ech d'Regierung froen, ob se - wéi soll ech dat elo nennen - eng Veille de la compétitivité ënnert de Finanzplazen huet, ob se eng Opstellung huet vun all deenen Instrumenter, déi mir och wëllen applizéieren.

Dat wär a mengen Aen eng wichteg Saach. Ech huelen un, dass dat gemaach gëtt. Et wär och fir déi Leit hei an der Chamber, déi sech domat ofginn, interessant ze wëssen. Ënner Reserv vun deene Remarquen an och mat onser Approbatioun fir dës Motioun, géif ech lech Merci soe fir d'Opmierksamkeet.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Fayot. Dann ass et awer elo no menger Lëscht um Här Henckes. Här Henckes, Dir hutt d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes *(ADR)*.- Merci, Här President, datt Der mer d'Wuert gitt. Ech wëll fir d'éischt dem Rapporteur, dem Här Laurent Mosar, félicitéiere fir säin dynameschen a prezise mëndlechen a schréftleche Rapport. Wa mer haut en neit Gesetz stëmme mat enger neier Form vu Gesellschaft, d'SPF, dann huet dat domadder ze dinn, datt d'Europäesch Kommissioun geduecht huet, datt ons Holdinggesellschafte vun 1929 u gutt Déngschter geleescht hunn, mä datt déi net konform zu den europäeschen Traitéë wieren.

Mä wa mer haut awer gesinn, datt mer mat den SPFen en deelweisen Ausgläich schafen, da gesäit een op jidde Fall, datt d'Europäesch Kommissioun zu 80% falsch louch, well bei engem ganz gudden Deel vun deenen Holding '29 waren d'Investisseure Privatpersounen. Et ass also ëm den Impôt sur le revenu des personnes physiques gaangen. An do huet d'Europäesch Kommissioun zum Gléck keng Kompetenzen.

Dat Zweet, wat een och muss festhalen, ass, datt d'Europäesch Kommissioun keng Kompetenzen huet fir institutionell oder privat Investisseuren, déi ausserhalb vun der Europäescher Unioun investéieren.

Dat gesot, muss een, wann een d'Gesetz elo virleien huet, festhalen, datt mer elo en neie Wee ginn, fir wéinstens de Privatpersounen, déi hiert Verméige wëllen hei zu Lëtzebuerg verwalte loossen, eng Alternativ ze schafen iwwer eng nei Form vu Gesellschaft, déi sech awer ganz staark un der Holdinggesetzgebung inspiréiert, a wou d'Europäesch Kommissioun manifestement keng Kompetenzen huet.

D'Artikele vum Gesetz si kloer. Et ass just een Artikel, wou ech mer héchstwahrscheinlech ka virstellen, datt et zwar nach e puer Diskussioune wäert gi mat der CSSF, der Commission de Surveillance du Secteur Financier. Dat ass deen Artikel 2. Dee seet, datt ee sech net däerf an d'Gestioun vun enger Gesellschaft immiscéieren. Ech huelen un, datt dat d'Gestion journalière ass. Do gesäit een, datt awer och nach e puer Notiounen héchstwahrscheinlech wäerten duerch d'Praxis méi preziséiert ginn. Mä et ass awer och ganz kloer, datt en Aktionär - och eng SPF - awer an enger Aktionärsversammlung däerf seng Meenung soen an och un deenen deelhuelen. Dat schéngt mer net ënnert d'Gestioun ze falen.

Dann hu mer ee Problem, deen awer d'Regierung och misst ugoen. Dat ass de Problem vum Droit d'apport. Ech hat viru sechs Woche bei der Heure de questions un d'Regierung eng Fro do opgeworf, mä leider war d'Stonn eriwwer, esou datt den Här Minister keng Geleeënheet hat, fir dorobber ze äntwerten. Ech wëll him also haut nach eng Kéier déi Fro stellen, fir déi ech deen Ablack d'Geleeënheet net hat, respektiv sinn ech och bereet, wann d'Regierung mengt, datt se nach e bëssen Zäit misst hunn, fir sech d'Saach oder d'Äntwert ze iwwerleeën, dat iwwert d'Form vun enger Question parlementaire ze maachen.

D'Europäesch Kommissioun huet all déi Länner - ech mengen, et sinn der nach dräi oder véier -, déi en Droit d'apport hunn, gebieden, fir dee bis den 1. Januar 2009 ofzeschafen. Elo kann een natierlech waarde bis de leschte Stëppel bis een dat mécht, mä ech mengen dat wier schlecht fir ons Finanzplaz. Ech géif éischter préconiséieren, datt d'Regierung nach dëst Joer géif annoncéieren, datt se dat vläicht géif op den 1. Januar 2008 virzéie respektiv, wa se net wëllt op dee Wee do goen, datt se wéinstens par étape wéilt deen Droit d'apport reduzéieren, entweder am Taux, oder datt se notamment den Droit d'apport um Capital minimum vun den SAen - 32.500 Euro, op deem Montant - géif ofschafen.

Ech verstinn, datt d'Regierung an notamment de Budgetsminister bei där Fro vun der Suppressioun vum Droit d'apport e bësse bleech gëtt am Gesiicht, well hie weess, datt dat awer en zimlech considérabele Montant ass. Här Minister, Dir sot mer, ob ech dat nach richteg an Erënnerung hunn, mä ech mengen et sinn eng 72 Milliounen Euro. Ech ka mech vläicht iren. Mä et gesäit een also, datt et e ganz considérabele Montant ass, mä wou mer awer mussen op dee Wee goen.

Dofir, Här Minister, wollt ech lech froen, ob Der elo scho wëllt soen a wat fir eng Richtung d'Regierung wëllt goen, oder ob Der léiwer nach e bësse Bedenkzäit hätt, an datt ech lech dat géif froen iwwert de Wee vun enger Question parlementaire.

Déi zweet Iddi, déi ee muss zréckbehalen: Ech si frou, datt mer konnte mat eng Mo-

tioun droen, fir verschidde Solutiounen ze sichen, wat déi Sociétés de participations financières ugeet, fir notamment do kënnen den institutionellen Investisseuren entgéintzekommen. Ech mengen, et sinn e puer Notiounen, déi hei kënnen zréckbehale ginn - déi eng ass déi vun den Intérêts notionnels -, mä et muss een awer och nach Léisunge fanne fir déi Gesellschaften, déi a Länner investéieren ausserhalb vun der Europäescher Unioun, respektiv a Länner, mat deene mir keng Conventions contre la double imposition - keng Konventioune géint d'Duebelbesteierung - hunn.

Dat schénge mer op jidde Fall e puer Pisten ze sinn, déi nach misste geléist ginn. Ech wäert mer och erlaben, fir am Laf vum Mee der Commission des Finances e puer Propositions de texte an deem Sënn ze maachen, déi mer deen Ablack kéinten diskutéieren, a vläicht iwwerparteilech an zesumme mat der Regierung deen een oder deen anere Wee sichen.

Dat gesot, wëll ech den Accord vun der ADR-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet bréngen. A bien entendu wäerte mer och d'Motioun, déi mer mat ënnerschriwwen hunn, matdroen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Henckes. Den Här Bausch huet d'Wuert gefrot.

M. François Bausch *(DÉI GRÉNG)*.- Jo, Här President. Vu datt de Rapporteur alles exzellent erkläert huet, fält et mer net ganz schwéier fir ze soen, datt meng Fraktioun dëse Projet wäert stëmmen.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Bausch. Ech huelen un, dass d'Regierung wëllt Stellung huelen zu där ganzer Bootsch Froen, déi se gestallt krut. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, selbstverständlech wëllt d'Regierung zu dësem Projet Stellung huelen; fir d'éischt selbstverständlech, fir dem Rapporteur, dem honorabelen Här Mosar, Merci ze soe fir säi Rapport, souwéi och deenen anere Kolleegen aus der Finanzkommissioun, déi net nëmmen hei an öffentlecher Sitzung, mä virun allem och an deene sëlleche Sitzunge vun der Finanzkommissioun op eng extrem intensiv Aart a Weis sech mat dësem Projet auserneegesat hunn.

Ech bleiwen der Meenung, datt eng Finanzplaz nëmme staark ass a sech nëmme kann entwéckelen, wann dee richtege juristesche gesetzgeberesche Kader besteet, a wann dee Kader esou gemaach ass, fir eng Ënnerstëtzung fir d'wirtschaftlech Entwécklung ze sinn.

Ech mengen net, datt d'Ekonomie eleng sech kann développéieren, mä datt d'Ekonomie d'Gesetzgebung brauch, fir kënnen zu där néideger Entwécklung vun der Finanzplaz, déi mer gären hätten, ze féieren. An duerfir hu mer eng ganz Rei vu Gesetzer gemaach, an dëst reit sech an déi Politik an.

Ech hätt gären och an Zukunft - d'Regierung hätt gären och an Zukunft, datt all déi eenzel Pilierë vun den Aktivitéite vun der Finanzplaz ënnerstëtzt ginn. Sief dat d'Gestioun vum private Verméigen, also Private Banking, sief dat d'Fongenindustrie, sief dat d'Bourssëgeschäft, sief dat „clearing & settlement" oder sief dat och international Kreditter: Fir all déi Elementer musse mer e gesetzgeberesche Kader hunn, dee vill Optiounen opléisst - well mer eben eng international Finanzplaz wëlle sinn - an deen et erméiglecht, hei Geschäfter ofzewéckele mat enger internationaler Ausriichtung. Dat mécht den Ënnerscheed vun där Finanzplaz aus. An d'Gesetzgebung spillt eng wesentlech Roll.

Ëmmer erëm empfänke mer Leit aus verschiddene Länner, déi hei zu Lëtzebuerg wëllen am Finanzsecteur eppes opriichten, déi an engem anere Land scho sinn, a wa mer hinnen d'Fro stellen: „Firwat kommt Der op Lëtzebuerg?", da kommen ëmmer erëm déi nämlecht Argumenter.

Eent vun deenen ass, datt mir déi beschte Gesetzgebung hunn, datt mer eng schnell Entscheedung huelen, souwuel um Niveau vun der Regierung, do wou d'Regierung Agrémentë muss ginn, wéi um Niveau vun der Iwwerwaachungskommissioun vum Finanzsecteur respektiv vum Assurancësecteur, an datt mer och eng businessfrëndlech Attitüd hunn. Dat heescht, mir versichen ze verstoen, wat fir eng Problemer d'Entreprisen an deem Secteur op den Dësch leeën. Duerfir huet déi Finanzplaz esou vill Aarbechtsplazen och d'lescht Joer geschaf.

Dëse Projet de loi ass konform zu där Philosophie, an duerfir mengen ech och, datt et gutt ass, datt en hei gestëmmt gëtt mat enger ganz breeder Zoustëmmung, wann ech dat richteg matkritt hunn.

Mir hunn dee Projet an engem Gespréich der Europäescher Kommissioun virgestallt, an d'Europäesch Kommissioun huet net fonnt, datt dat hei eppes mat staatleche Bäihëllefen ze dinn hätt. Mir hunn aus evidente Grënn keng formell Ufro un d'Kommissioun gemaach, well mer jo selwer der Meenung sinn, et hätt näischt mat staatleche Bäihëllefen ze dinn.

Selbstverständlech ass d'Kommissioun onofhängeg. Och wa se haut géif an engem Bréif eppes schreiwen, ass se ëmmer fräi an der Zukunft d'Texter esou ze interpretéieren, wéi si et fir noutwendeg fënnt. Dat ass och mat der Holding '29 esou geschitt. D'Kommissioun gëtt et scho laang, mä si huet elo op eemol fonnt, dat wär net konform mam Traité. An dann huet jo och all Memberstat d'Recht, virun den Europäesche Geriichtshaff ze goen, wann een eng Kéier mat der Kommissioun guer net averstanen ass.

Mir hunn hei erkläert bei dem éischte Gesetz am Kontext vun der Holding - an dat ass och hei rappeléiert ginn de Mëtteg vum Här Thiel -, datt mer der Meenung waren, an dësem Kontext wär et besser, mir géife kee Recours maachen, well de Recours Rechtsonsécherheet geschaf hätt, mä datt mer géife kucken, eppes aneschters a Plaz ze setzen, an dat hu mer gemaach. Den Här Mosar huet dat esou am Detail erkläert, datt ech dorobber net méi wëll a brauch anzegoen.

Mir kucke selbstverständlech - an ech mengen, dat ass ganz wichteg a richteg -, wat am Ausland geschitt. Mir hunn dat net op enger formeller Lëscht. Dat kann ee vläicht nach besser strukturéieren, mä de Stat selwer souwéi och - wann ech richteg informéiert sinn - d'Uni Lëtzebuerg souwéi och ganz vill Fiduciairen an Affekotenétuden deelen eis ëmmer erëm interessant Gesetzgebunge mat, déi am Ausland sinn, a wou ee sech kann inspiréieren, fir nach méi konkurrenzfäeg ze ginn, do wou mer déi Meenung hunn, datt aner Gesetzgebunge besser sinn.

Mir maachen dat, an ech muss soen, generell ass eis Gesetzgebung méi konkurrenzfäeg wéi déi vun den Nopeschlänner, mä déi änneren och dauernd, an duerfir muss een eben ëmmer erëm nei Ännerunge maachen, well d'Zäit...

(Coups de cloche de la Présidence)

...dréint an deem Secteur do ganz schnell.

Elo sinn hei de Mëtteg eng ganz Rei Wënsch ausgedréckt ginn, fir aner Elementer vun der Steiergesetzgebung nach ze verbesseren: D'Iddi vun den Intérêts notionnels, déi jo an der Belsch hire Wee gemaach huet, ass mentionnéiert ginn; Ännerungen eventuell um SOPARFI-Gesetz; d'Abolitioun vum Droit d'apport.

Ech kéint déi Lëscht vun all deene Wënsch, fir Steieren erofzesetzen, selbstverständlech hei nach fortféieren, well d'Bréiwer, déi de Stats- a Finanzminister, deen zoustänneg ass fir d'Steierpolitik, kritt an deem do Beräich, sinn zahlräich. Et gëtt de Wonsch, fir d'Kierperschaftssteier erofzesetzen, aus Konkurrenzgrënn virun allem mat Osteuropa. Et gëtt de Wonsch, fir d'Taxe d'abonnement ze reduzéieren. Et gëtt de Wonsch, fir d'Steiertabell vun de Privatpersounen un d'Inflatioun unzepassen.

Et muss een also all déi Elementer do zesumme kucken an da kucken, wat een iwwerhaapt ka maachen, fir datt de Stat och nach eng Rei Moyenen huet, well d'Chamber huet och eng aner Motioun gestëmmt, an dat war déi bei de Budgetsdebatten d'lescht Joer, datt mer de Budgetsdefizit misste reduzéieren. A wann ech also de Mëtteg dës Motioun hei kréien, da steet déi e bëssen a Kontradiktioun mat där Motioun, déi d'Chamber gestëmmt huet am Kontext vun de Budgetsdebatten.

Ech wëll domat soen, datt d'Regierung selbstverständlech amgaangen ass ze iwwerleeën, wéi mer d'steierlech Konkurrenzfäegkeet kënnen nach verbesseren. Mir maachen dat souwisou permanent. Mir maachen dat och am Liicht vun der Diskussioun ronderëm den Droit d'apport. Ech erënneren dru wat de Statsminister hei am Numm vun der Regierung gesot huet, datt mer dat ganz seriö kucken.

Fakt ass, datt den Droit d'apport d'lescht Joer ronn 80 Milliounen erabruecht huet, a wann een op 80 Millioune verzicht, wat mer mengen datt mer misste mëttelfristeg maachen aus Konkurrenzgrënn, da muss een natierlech kucke wat een als Géigefinanzéierung mécht. Héicht ee vläicht aner Steieren oder mécht ee verschidde Saachen op der Ausgabesäit net? - Dat ass eben d'Konscht vun der Budgetspolitik.

Duerfir géif ech mengen, datt ech mat der Grondausriichtung vun där Motioun d'accord sinn, well se reflektéiert dat, wat d'Regierung heibannen och scho bei de Budgetsdebatte gesot huet, mä datt mer d'Steierpolitik ëmmer als ee Ganzt musse gesinn, a mir kënnen natierlech net zugläich alleguerten d'Steiere senken.

D'Kommissioun huet nëmmen eng Propositioun gemaach iwwert d'Ofschafung vum Droit d'apport. Déi ass am Conseil vun de Finanzministeren nach net diskutéiert ginn an déi ass a fortiori och net ugeholl gi vun de Finanzminister. Nach ass et eis Intentioun, an déi Richtung weiderzedenken, ënnert dem Virbehalt vun den Zilsetzungen, déi mer eis zesumme mat der Chamber oder mat groussen Deeler vun der Chamber ginn hunn, fir d'Statsfinanzen am Equiliber ze halen.

Duerfir géif ech mengen, datt mer spéider am Joer méi kloer kéinte gesinn, wéi mer déi ganz Steierlandschaft am Horizont 2008, 2009, 2010 wäerte gestalten. Mir huelen déi Motioun gären un, well si ass en ligne mat deenen Aarbechten, déi d'Regierung souwisou zënter e puer Méint féiert.

Dat gesot, Här President, ass natierlech meng Satisfaktioun grouss, datt dëse Projet hei gestëmmt gëtt. An iwwert déi aner Modifikatioun, déi proposéiert gi sinn, si mer ëmmer dankbar, wann d'Chamber och selwer Propositioune mécht. Wéi gesot, zugläich sinn och déi budgetär Considératioune matzeberücksichtegen. Ech weess, datt dat de Souci och vun der Chamber ass, an duerfir wäerte mer och weider am Gespréich mat der Finanzkommissioun vun der Chamber iwwert déi Steierpropositioune bleiwen.

Ech soen lech Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci, Här Minister. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen zum Vote vum Projet de loi 5637. Den Text vum Gesetz befënnt sech am Dokument 5637[4].

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5637 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement (par M. Marcel Oberweis), Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par M. Marc Spautz) et Michel Wolter (par Mme Sylvie Andrich-Duval);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer (par M. Marc Angel), Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes, Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen, Paul Helminger (par M. Emile Calmes), Alexandre Krieps (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Camille Gira) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Mir kommen dann zum Vote vun der Motioun. Kënne mer déi par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Wien ass derfir?

Ech stelle fest, dass dat d'Unanimitéit ass. Déi Motioun ass also à l'unanimité ugeholl ginn.

Mir wären dann, Dir Dammen an Dir Hären, um Enn vun eisem Ordre du jour. Déi nächst Sitzunge si fir den 8., den 9. an den 10. Mee virgesinn. Den Ordre du jour oder d'Propositioun vum Ordre du jour gëtt vun der Conférence des Présidents proposéiert an lech da schréftlech zougestallt.

D'Sitzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 16.41 heures)

Chambre des Députés
LUXEMBOURG

Chamber TV

och an der Rediffusioun all Sëtzungsdag vun 19:00 Auer un